N° 4179
Reçue le 19.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 19 MAI 2021
Réf. QP-68/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°4179 « Activités de gardiennage et de surveillance exercées par des entreprises privées au profit de communes » du 28 avril 2021 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice

Sam Tanson

L-2934 Luxembourg

136-000150-200512-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz, op d'parlamentaresch Ufro n° 4179 vum 28. Abrëll 2021 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen

Ad. 1.) *Ass d'Analyse vun den aktuelle Kontrakter ofgeschloss? Falls jo, wat sinn d'Schlussfollgerungen déi de Justizministère aus dëser Analys zitt ?*

Jo, d'Analyse vun de Kontrakter a vun der Dokumentatioun ass ofgeschloss. Aus den Interventiounsberichter geet ervir dass d'Sécherheetsagenten Aktivitéiten um Terrain gemaach hunn déi net duerch den Agrément ofgedeckt sinn. Esou geet zum Beispill aus dëse Berichter ervir dass Leit vu privatem an awer och vun ëffentlech zougänglechem Terrainen „evakuéiert" gi sinn. Der betreffender Sécherheetsfirma ass e „Rappel à la loi" gemaach ginn a matgedeelt ginn dass am Fall vun enger Aktivitéit déi an der Zukunft ausgeüübt gëtt an déi net vum Agrément ofgedeckt ass, d'Prozedur vun der Revocatioun vum Agrément envisagéiert gëtt.

Ad 2.) *Gedenkt de Justizministère och de Kont(r)akt dee vum 15.05 bis de 15.11.2021 leeft, z'analyséieren ?*

Och dësen Dossier gëtt genau suivéiert. Op alle Fall ass et esou dass d'ëffentlech Sécherheet net privatiséiert duerf ginn.

———